N°934
Entrée le 22.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n°934 vum 25. Juni 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend d' « achat de logements par la SNHBM ».**

1. Wéi héich war de Baupräis vun däser Residenz?

D'SNHBM huet des Residenz vun engem private Promoteur zum Präis vun 9.842.729,64 € TTC 17 % ofkaf (hors Terrain an der Emphytéose).

2. Wéi vill huet d'SNHBM fir dës Residenz un de Fonds Kirchberg bezuelt?

D'Wunnenge vun dëser Residenz falen all ënnert den Artikel 29 vum Pacte logement. An dësem Fall huet e private Promoteur e ganzen Ensembel gebaut wou just 1 Residenz un d'SNHBM verkaf ginn ass.
Wei am Rapport annuell vun der SNHBM geschriwwen, ass déi Residenz vun engem private Promoteur ofkaf ginn an net vum Fonds Kierchbierg. De Fonds Kierchbierg ass hei just de Proprietäre vum Terrain.

3. Wéi vill bezillt d'SNHBM fir d'Emphyteos?

D'Emphytéose ass bei dësem Projet als Redevance unique an der Héischt vun 2.135.202,08 € bezuelt ginn.

4. Wéi vill Metercarré Wunnraum ëmfaasst dës Residenz?

Dës Residenz huet eng Surface cadastrale vun 1.706,54 m2.

Lëtzebuerg, den 22/07/2024.
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch